



an esou weider als Monument national klas-séiert. Dovunner sinn et 45 Kierchen a 14, déi um Inventaire supplémentaire nach dropkommen, an nach ongeféier 500 Édifice-religieuen, wou den Inventaire en cours ass, wou d'Avisé mussé virleien a wou et d'Intentioun vun eis ass, fir op de Wee vun engem nationale Schutz ze goen. Also wëlle mer dat net blockéieren, wéi dat hei gesot gëtt, mä mir wëlle ganz kräfteg un deene Klassementer viruschafen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, et ass elo esou, datt mer eréischt eng absolutt Planungs- a Rechtssécherheet kréien, wa mir bis all inventoriéiert Gebaier geschützt hunn an datt mer an enger Phase transitoire op de genannten Informationsfluss duerch d'Gemeingen ugewise sinn. An ech wëll hei den exzellenten Informationsfluss ënnersträichen, dee mer an deene leschte Méint mat enger Stad Lëtzebuerg haten.

Esou stelle mir eis déi Zesummenaarbecht vir. An ech kann dat nëmmen ënnersträichen, wat d'Madame Polfer elo d'éinescht gesot huet: D'Stad huet sech an deene leschte Joren oder jorelaang schonn nach ëmmer fir hire Patrimoine agesat. An e ganzt Émdenken ass nach derbäikomm, dat heescht, nach méi sensibel wëlle si mat deem Patrimoine, dee si hei an der Stad hunn, ëmgoen. An dorunner schaffe mer zesummen.

Mir wëllen och vun dësem Gesetzesprojet profitéieren, fir wichteg Notiounen, déi an eisem aktuelle Gesetz feelen an deelweis an internationale Konventiounen stinn, mat ze integréieren.

ren. Hei geet et zum Beispill ëm d'Definitioun selwer vum Patrimoine culturel an awer och ëm déi Notioun vum Ensembl, déi zwar elo scho vun der Jurisprudenz akzeptéiert gëtt, mä déi eben nach net gesetzlech verankert ass.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech hunn uganks gesot, datt den Denkmalschutz eis all eppes ugeet. An et muss méi zum Thema Denkmalschutz sensibiliséiert ginn. Lëtzebuerg brauch eng Prise de conscience vu sengem Patrimoine culturel an eng Denkmalkultur.

Mir mussen bei eise Kanner ufänken, fir déi op engem Niveau ze sensibiliséieren, wou se an de Schoule wirklech bereet sinn, fir mat eis drop ze goen. Esou kann zum Beispill dru geduecht ginn, datt nieft de Journées du patrimoine, déi et scho gëtt, méi an de Schoulen organiséiert ka ginn, esou wéi dat am Beräich vun der Ëmwelt scho geschitt. Esou kéint een, wéi et elo schonn am „natur musée“ mat der Ëmwelt gemaach gëtt, de Kanner iwwert dee Wee den Denkmalschutz entweder a Muséeën oder firwat net op der Plaz vum Patrimoine selwer méi no bréngen a se domadder iwwert dee Wee mat hirem Patrimoine konfrontéieren.

Dernieft muss awer och déi ëffentlech Sensibiliséierungsarbeit bei de Leit an och bei de Gemengen virgedriwwen ginn. Ëmmer erëm mussen eis Leit am Land doruechter pilgeren, ëmmer erëm Erklärungen ginn, ëmmer erëm op déi verschidde Froen, déi nach op sinn, Äntwerte ginn.

Denkmalschutz ass och d'Visitkaart vun engem Land, net nëmme fir den Tourismus,

mä och fir d'Image de marque vu Lëtzebuerg an en Haaptfacteur vun eiser Identitéit, wat och schonn hei gesot ginn ass.

Mir wëllen den Denkmalschutz och weiderhi finanziell ënnerstëtzen. Sou sollen d'Bierger net nëmmen duerch déi aktuell Subventiounen Direkthëllef kréien. Mir wëllen aner Weeër fanen, den Denkmalschutz attraktiv ze maachen. An heizou muss ee soen, datt duerch e Règlement grand-ducal vum Dezember 2014 Aarbechten net nëmmen un nationalen, mä och u lokal geschützten Gebaier ënnerstëtzt ginn.

Och schafe mir e Plan national pour la protection du patrimoine culturel aus. An dëse Plang soll d'Politik an den Denkmalschutz orientéieren a verschidde Mesurë beinhalten, wéi zum Beispill prioritär Zonen, déi misste protégéiert ginn, en Aktionsprogramm a Saache Patrimoine oder awer Sensibiliséierungsmesuren. Dëse Plang wëll ech an Zesummenaarbecht mat alle concernéierte Partner an Zukunft ausschaffen.

Um Enn wëll ech awer och nach drop agoen, wéi déi verschidden décisionnel Institutiounen solle funktionéieren. Ech wëll eng Administration du patrimoine schafen, déi fir de gesamte Patrimoine culturel zoustänneg ass, mat Sektione fir de Patrimoine architectural iwwert dem Buedem an de Patrimoine archéologique ënnert dem Buedem an de Patrimoine mobilier an immatériel.

Parallèll soll e Service de l'inventaire mat all dëse Services zesummeschaffen. Seng Missioun ass d'Erstellung an d'Aktualiséierung vun

engem kompletten Inventaire iwwer eise Patrimoine. De Service des Sites et Monuments an de Centre National de Recherche Archéologique sollen ënner eng gemeinsam Verwaltung gestallt ginn.

Wéi Der gesitt, komme mer net laanscht eng grouss Ëmorganisatioun vum Service des Sites et Monuments a vum Centre National de Recherche Archéologique. Dës Services sollen déi néideg mënschlech a finanziell Ressourcë kréien. Et ass ganz wichteg, datt mer do allegueren derhannert sti fir all déi Doléancen, déi mer hunn, datt et soll flott, séier a performant virgoen, fir déi wichteg wëssenschaftlech Aarbecht am Déngscht vum Denkmalschutz voll a ganz kënnen ze erfëllen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech hoffen, datt dës Reform eisem Patrimoine en neie Stellegäert gëtt an datt och en neit Bewosstsinn entsteet. Mir sinn eis an de Generatiounen, déi no eis kommen, dat schëlleg.

Ech soen lech Merci.


► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci och der Madame Kulturministesch. Domat si mer um Enn vun eisen Aarbechten vun haut ukomm.

Rendez-vous muer de Mëtten um zwou, mat ënner anerem der Reform vum Sozialdialog.

Ech soen lech Merci a kommt gutt heem!

**(Fin de la séance publique à 19.55 heures)**



Présidence: M. Mars Di Bartolomeo, Président • Mme Simone Beissel, Vice-Présidente

## Sommaire

1. Ouverture de la séance publique
  - M. Mars Di Bartolomeo, Président
2. 6543 - Projet de loi relatif à l'archivage électronique et portant modification:
  1. de l'article 1334 du Code civil;
  2. de l'article 16 du Code de commerce;
  3. de la loi modifiée du 5 avril 1993 relative au secteur financier
    - Rapport de la Commission de l'Économie: M. Franz Fayot
    - Discussion générale: Mme Diane Adehm, Mme Joëlle Elvinger, M. Gérard Anzia
    - Prise de position du Gouvernement: M. Etienne Schneider, Ministre de l'Économie
    - Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel
3. Question urgente n°1264 de M. Max Hahn et de M. Gusty Graas relative aux logements de service
  - M. Gilles Roth, Mme Simone Beissel, Présidente de séance
  - M. Gusty Graas, M. Gilles Roth, M. Etienne Schneider, Ministre de la Sécurité intérieure, M. Pierre Gramegna, Ministre des Finances
4. 6660 - Projet de loi portant:
  - transposition de la directive 2013/36/UE du Parlement européen et du Conseil du 26 juin 2013;
  - transposition des articles 2 et 3 de la directive 2011/89/UE du Parlement européen et du Conseil du 16 novembre 2011;

- transposition de l'article 6, paragraphe 6 de la directive 2011/61/UE du Parlement européen et du Conseil du 8 juin 2011;
- modification de:
  1. la loi modifiée du 5 avril 1993 relative au secteur financier;
  2. la loi modifiée du 23 décembre 1998 portant création d'une commission de surveillance du secteur financier;
  3. la loi du 12 juillet 2013 relative aux gestionnaires de fonds d'investissement alternatifs
    - Rapport de la Commission des Finances et du Budget: M. Guy Arendt
    - Discussion générale: M. Laurent Mosar, M. Franz Fayot, Mme Viviane Loschetter, M. Gast Gibéryen
    - Prise de position du Gouvernement: M. Pierre Gramegna, Ministre des Finances
    - Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel
- 5. 6545 - Projet de loi portant réforme du dialogue social à l'intérieur des entreprises et modifiant le Code du Travail et la loi modifiée du 19 décembre 2002 concernant le Registre de Commerce et des Sociétés ainsi que la comptabilité et les comptes annuels des entreprises
  - Rapport de la Commission du Travail, de l'Emploi et de la Sécurité sociale: M. Frank Arndt
  - Discussion générale: M. Marc Spautz, M. Frank Arndt, Mme Joëlle Elvinger, M. Gérard Anzia, M. Gast Gibéryen
  - Prise de position du Gouvernement: M. Nicolas Schmit, Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire (interventions de M. Marc Spautz et M. Claude Wiseler)
  - Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

Au banc du Gouvernement se trouvent: M. Etienne Schneider, Vice-Premier Ministre; MM. Nicolas Schmit et Pierre Gramegna, Ministres.

### 1. Ouverture de la séance publique

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Ech maachen d'Séizung op a froen den Här Wirtschaftsminister, ob d'Regierung eng Kommunikatioun ze maachen huet.

► **M. Etienne Schneider, Ministre de l'Économie.** - Här President, dat ass net de Fall.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci. Da komme mer direkt zum éischte Punkt vun eisem Ordre du jour: de Projet de loi 6543 iwwert den elektronischen Archivage. D'Riedezäit ass nom Modell 1 festgeluecht. An d'Wuert huet den Här Rapporteur, de Franz Fayot. Här Fayot, Dir hutt d'Wuert.

### 2. 6543 - Projet de loi relatif à l'archivage électronique et portant modification:

1. de l'article 1334 du Code civil;
2. de l'article 16 du Code de commerce;
3. de la loi modifiée du 5 avril 1993 relative au secteur financier

**Rapport de la Commission de l'Économie**

► **M. Franz Fayot (LSAP), rapporteur.** - Merci. Här President, léif Kolleeginnen, léif Kolleegen, de Projet de loi iwwert de sougenannten Archi-

vage électronique ass den 13. Februar 2013 vum Wirtschaftsminister déposéiert ginn. D'Chambre de Commerce huet den 22. Mee 2013 an d'Chambre des Métiers de 14. Juni dat Joer hiren Avis heizou ofginn. Du koumen d'Wahlen dertëscht, wat de Projet eng éischte Kéier retardéiert huet.

Den éischten Avis vum Conseil d'État koum den 8. Oktober 2013. Ufanks 2014 sinn ech als Rapporteur genannt ginn. Am Juli an am September hu mer den Avis vum Statsrot an der Kommissioun ënnersicht an den 20. Oktober 2014 hu mer eng Lettre d'amendements un de Statsrot geschéckt. Mir kruten dunn den 10. März 2015 en Avis complémentaire, op dee mer mat neien Amendements parlementaires

den 3. Abrëll 2015 geäntwert hunn. No engem zweeten Avis complémentaire vum 16. Juni 2015 konnt dunn de 26. Juni dëst Joer dëse Rapport ugeholl ginn.

Dir gesitt schonn un den Antécédents, dass dat heiten eng e bësse méi mouvementéiert Prozedur war, fir hei zu engem Enn ze kommen. Vläch ass duerch Malentendue mam Statsrot an dësem dach zimlech technesche Gesetz, haaptsächlech wat de Volet PSDC, dat heescht déi Prestataires de services de dématé-





rialisation ou de conservation, ugeet, e gutt Stéck Zäit verluer gaangen. Dat ass bedauerlech.

A vläicht wär et gutt, wa mer bei esou technesche Projeten, wat jo oft de Fall ass an der Economie, mä awer och an anere Beräicher, scho méi fréi kéinten en Echange kréien tëschent den Auteuren vum Projet de loi an dem Statsrot, och fir verschidde Verständnisfroen vun Ufank un ze klären a fir ze vermeiden, dass sech opsäite vum Statsrot an Opposition-formellë verbass gëtt, déi am Fong keng Reason d'être hunn. Ech wäert am Kader vun dësem Projet de loi nach eng Kéier op dee Punkt zrëckkommen.

Här President, léif Kolleeginnen, léif Kolleegen, mat dësem Projet de loi iwwerhëlt Lëtzebuerg erëm eng Virreiderroll an Europa, mä awer och international. Et gëtt menges Wëssens, an ech hunn e puer Recherchë gemaach, keen anert Land op der Welt, dat eng ähnlech Initiativ lancéiert huet. Mir liewen haut an enger Welt, wou vill Akteuren op Pabeier verzichte wëllen a wou Pabeier an engem gewëssene Mooss an a bestëmmten Domänen iwwerflësseg ass.

National an international Akteure wëllen de Volume vum Pabeier reduzéieren, sief et aus käschtentechesche Grënn, fir de Stockage vu grousser Pabeierquantitéiten ze limitéieren, aus Einfachheet an och fir den Accès an d'Deele vun Informatiounen ze verbesseren. Och fir d'Gefor vun zoufälligen Zerstéierung vun Informatiounen ze évitéieren, ass den Archivage électronique eng gutt Saach. Ëmwelttechnesch brauch ech lech, mengen ech, net ze soen, dass et och do eng exzellente Initiativ ass, well ee sécherlech manner Pabeier wäert gebrauchen.

Mir hate schonn am Dezember 1986 - schonn deemools - eng Virreiderroll iwwerholl, wéi mer d'Gesetz an de Règlement grand-ducal vum 22. Dezember 1986 agefouert hunn. Dat Règlement huet et erméiglecht, dass eng Archive numérisée als konform zum Original kann ugesi ginn, wa se durabel ass. An deem Kontext heescht dat, dass d'Reproduktioun onläschbar an ontrennbar vum Original ass.

Och wann eng dematerialiséiert Kopie nach ëmmer durabel muss sinn, huet sech säit 1986 vill verännert an déi Technologie vun deemools ass haut dépasséiert. Mat dësem Projet de loi kënn och en neie Règlement grand-ducal, deem déi al nach valabel Konzepter vun 1986 iwwerhëlt a mat deenen neien Elementer zesummeffiert.

Den technologesche Fortschritt huet et erméiglecht, dass mir mam Gesetz vum 14. August 2000 d'elektronesch Ënnerschrëft verankert hunn. Lëtzebuerg war deemools dat éischt Land, wat eng elektronesch Ënnerschrëft mat enger handschrëftlecher Ënnerschrëft juristescht gläichgestallt huet.

2005 gouf d'elektronesch Zertifikatiounsplattform mat der Kreatioun vu LuxTrust SA amplaz gesat. Haut benotzen ongeféier 400.000 Leit déi Plattform, sief et fir Banktransaktiounen unzefroen, ze iwwerwaachen, ze koordinéieren, also am Endeffekt fir Transaktiounen ze sécuriséieren. Dat ass en Outil ginn, deem elo just nach schwéier ewechzedenken ass.

D'Dematerialisatioun vun Informatiounen ass also e wichtege Enjeu, dat an enger neier Welt ouni Pabeier. De Bierger ka vun doheem aus Transaktiounen sécher a bequeem vollstrecken a muss net an de Guichet. Esou spuert een Zäit, et ass ee flexibel a vill méi effizient.

Aner elektronesch Prozedure ginn och ëmmer méi iüblech, zum Beispill wat eis ëffentlech Administratiounen ubelaangt, wou a villen Domänen den elektronesch Dépôt vun Dossiere Praxis ass, wéi zum Beispill bei Steierklärungen oder um Handelsregëster. Et ass heiansdo souguer obligatoresch, en elektronesch Dossier opzestellen, wéi zum Beispill wat d'TVA-Erklärung fir Entrepreneuren gëtt.

Sou ass dës nei Gesetzgebung e wichtegt Element fir d'Zukunft vum Land als e Standuert fir en Operateur vun elektronesch Servicer zu Lëtzebuerg. Operateuren aus dem E-Commerce, déi zu Lëtzebuerg eng rechtlech Unerkennung vun hiren dematerialiséierten Dokumenter kréien - et denkt een direkt u Betriber wéi Amazon -, hunn doduerch e gudden Incitatif, fir sich bei eis niddereeloossen, ofgesinn natierlech vun enger Rei anere Standuertfacturen, déi stëmme mussen. A vu dass mir schonn eng staark auslännesch Präsenz hunn, wäerte mir dann och hei hoffentlech kënne vun deem sougenannten „network effect“ profitéieren, dat ëmsou méi, well an Europa fir de Moment kee Land e legale Kader fir den Archivage

électronique huet; ech hunn dat scho gesot. Och wann et Dispositiounen am Ausland gëtt, si si spezifesch fir bestëmmte Secteuren. Et gëtt am Moment och keng europäesch Direktiv an et gëtt och eises Wëssens keng europäesch Pläng, fir aktiv ze ginn an deem Domän.

Vläicht ännert dat sech mat de Pläng fir den Espace européen numérique, mä fir de Moment ass nach näischt a Sicht, wëssend, dass Lëtzebuerg huet misse seng Pläng un d'Europäesch Kommissioun schécken, dräi Méint iert d'Gesetz konnt finaliséiert ginn. D'EU-Kommissioun oder aner Länner hätten et kënne opgräifen, hätte kënne aktiv ginn, mä si hunn dat awer net gemaach.

Mir hunn also hei dee sougenannten „First-mover-Virdeel“. A wann eng Direktiv an Europa ausgeschafft soll ginn, dann ass ze hoffen, dass mir wäerte mat eiser Erfahrung, eise Know-how déi zukünftige Rahmbedéngunge staark matprägen kënne.

Wéi schonn ugeschwat, wäerte mir mat dësem Gesetzesentwurf eng Moderniséierung vun eise legislative Kader bréngen, betreffend d'Dematerialisatioun vu bestëmmten Dokumenter an d'Konservatioun vun Dokumenter an digitaler Form. An deem Kontext gëtt d'Aktivitéit vu sougenannten „prestataires de services de dématérialisation ou de conservation“, ënnert dem Akronym PSDC erméiglecht.

D'Erausfuereunge vun dësem Gesetz sinn haaptsächlech vun dräi Uerderen.

Éischters ass den Enjeu, fir hei d'Unerkennung vun der Rechtsgültgkeet vun digital archivéierten Dokumenter fäerdegzebréngen. Et geet drëm ze vermeiden, dass e Riichter d'Valeur vun engem elektronesch Dokument verwerft an d'Produktioun vum Original fuerdert, wéi dëst bis elo de Fall ass a Präsenz vun enger Kopie. Dat heescht, wann en eng Kopie am Kader vun enger Prozedur gewise kritt, dass e seet: „Ech hätt gär, dass Der mer d'Original weist!“

Dëst ass e grouss Facteur vu juristescher Onsicherheit à l'heure actuelle. Dës Dokumenter, déi mer elo hei am Kader vun dësem Gesetz archivéieren, wäerten also, wa si ënner bestëmmte Konditiounen archivéiert ginn, an dësem Kontext och dematerialiséiert ginn a juristescht voll unerkannt ginn. Hei muss d'Ufuerderungsat héich geluecht ginn, soudass déi dematerialiséiert Archiven zouverlässeg a laangjäreg sinn.

Eng Fro, déi eis an deem Zesammenhang och an der Wirtschaftskommissioun beschäftigt huet, ass, wat d'Valeur probante vun den Dokumenter um internationale Plang duerstellt, dat heescht ausserhalb vun engem reng Lëtzebuerger Kontext. De Fazit vun eisen Diskussiounen war, dass mir, souwäit wéi mer dat kënnen à l'heure actuelle determinéieren, zouversichtlech kënne sinn, dass déi archivéiert Dokumenter och international unerkannt misste ginn.

Wann en Dokument am Kader vun enger Gerichtsaffär am Ausland sollt kontestéiert ginn, da kuckt den auslännesche Riichter an der Regel, wéi dat betreffend Dokument dematerialiséiert an archivéiert ginn ass. Am Prinzip kuckt en, ob et ënnert de Regele vum État d'origine regelrecht archivéiert gouf an ob et och do eng voll Beweiskraaft huet. Wann dat de Fall ass, an d'autant plus, wann den Archivage ënner technesch héichwäertge Standarder gemaach ginn ass, dann ass d'Wahrscheinlechkeet grouss, dass dat Dokument och am Ausland virun engem Riichter voll unerkannt gëtt.

An den USA zum Beispill dematerialiséieren d'Gerichter haut schonn zu 99% hir Dokumenter. A bis elo sinn digital oder elektronesch Dokumenter, déi no gewëssenen Normen dematerialiséiert an archivéiert goufen, nach ni vun engem Gericht verworf ginn.

Wéi gesot, well mir hei ganz héich Standarden applizéieren, fir déi Dematerialisatioun an Archivéierung ze maachen, dierften eis Dokumenter am Ausland unerkannt ginn. Et ass Pflicht, ISO/IEC-Normen ze respektéieren. Dat sinn international IT-Normen, déi an der ganzer Welt unerkannt sinn. Si hunn de groussen Avantage, dass si technologesch neutral sinn, also net vun enger gewëssener Mark vun Hardware ofhänken. Den ISO/IEC 27001 an den ISO/IEC 27002:2013 schreiwen zum Beispill vir, wéi een eng Dematerialisatioun normgerecht ausübt, wéi een Informatiounen sécuriséiert a klassifiéiert.

Och gëtt d'Relatioun mam Client a Fournisseur definéiert. Den ISO 30301:2011 ass spezifesch op d'Konservéierung baséiert. Dat hei ass elo dee leschten ISO, deem ech zitéieren; ech versprechen lech et.

#### (Interruption)

D'Sécherheet an der Informatiounstechnik wäert och den héchsten internationalen Nor-

men entsprechen. D'Aktivitéit vum Prestataire de services de dématérialisation ou de conservation wäert streng geregelt sinn an hir Zouloossung wäert ënner techneschen Exigenzen verlafe, déi an enger Annex zu engem Règlement grand-ducal diesbezüglich ausgeféiert sinn. D'Zertifikatioun gëtt vum ILNAS iwwerwaacht a kontrolléiert. Den ILNAS wäert eng Liste de confiance des prestataires de services de dématérialisation ou de conservation opstellen.

D'Présomption de conformité trëfft net zou fir en Akteur, dee sech net zertifizéiere léisst. Dësen Akteur muss ëmmer kënne beweisen, dass den digitalen Archivage selon les règles et dispositions en vigueur gemaach gouf. Hei ass et also wichteg, en Ënnerscheed ze maachen tëschent deenen, déi de Statut als PSDC hunn, an deenen, déi dee Statut net hunn. All Akteur, deem ënnert dem Statut vum PSDC operéiert a sech esou zertifizéiere léisst, profitéiert vun der Présomption de conformité an esou, am gegebene Fall, vum Renversement vun der Beweislaascht viru Gericht.

Dëst ass e wichtege Punkt an dëst war och de Knackpunkt vun der Diskussioun mam Statsrot zu dësem Projet de loi. De Statsrot hat e Problem mat der Prozedur fir d'Zertifikatioun vu PSDCen duerch den ILNAS. An enger éischter Phas hat hien e Problem mam Hiwäis op e Référentiel technique vum ILNAS, an a sengem zweeten Avis huet hien du fonnt, dass d'Zouloossung vu PSDCen eng Restriktioun vun der Liberté de commerce et de l'industrie wär, déi an den Domaine réservé à la loi gëmeiss Artikel 32 (3) vun der Verfassung géif falen. D'Konsequenz war, dass d'Bedéngunge fir d'Zouloossung vun de PSDCen missten an d'Gesetz stoe kommen. Op d'mannst d'Finalités, conditions et modalités no der Jurisprudenz „Ries“ vun der Cour constitutionnelle vum 29. November 2013.

Du ware mer e bësse schlecht drun an der Ekonomieskommissioun, well de Statsrot keen Textvorschlag gemaach hat. Mir wossten also net, wat mer sollten an d'Gesetz schreiwen. Schlussendlech konnt de Problem geléist ginn an de Statsrot huet a sengem zweeten Avis complémentaire d'Argumentatioun vun der Wirtschaftskommissioun akzeptéiert, nämlech, dass jiddweree kann d'Aktivitéit vun Dematerialisatioun a Conservatioun vun Dokumenter an elektronesch Form maachen.

Allerdéngs, an dës Nuance ass wichteg, bénéficiéiere just déi vun de PSDC archivéiert Dokumenter vum Renversement de la charge de la preuve an den neien Artikelen 1334-1 vum Code civil a 16 vum Code de commerce, dat heescht Valeur probante conforme à l'original sauf preuve du contraire.

Déi aner, dat heescht d'Net-PSDCen, kënnen dës Aktivitéit zwar och maache mat enger einfacher Handelsermächtigung, mä ouni Présomptioun, wat d'Valeur probante vun hiren archivéierten Dokumenter ugeet.

Et wäerten an Zukunft also dräi Formen vun Akteuren ginn:

- Als Éischt déi ouni de Statut vum PSDC, also ouni explizitt Zertifikatioun.

- Dann déi mam Statut vum PSDC, déi also vun där Présomption de preuve bénéficiéieren.

- An dann drëttens nach déi Akteuren, déi de Statut vu PSDC hunn an zousätzlech en Agrément als PSF (Professionnel du secteur financier) hunn, dëst well si fir de Finanz- a Bankesektor schaffen. Déi lescht Kategorie profitéiert dann och nach vun enger Exceptioun zum Bankgeheimnis am Verhältnis mat Clienten aus dem Bankesektor, ënnert dem Gesetz vum 1993 iwwert de Secteur financier, wéi dat och bei anere PSF de support de Fall ass.

Här President, léif Kolleeginnen, léif Kolleegen, de Statsrot hat nach eng Rei aner Commentairen an Oppositions formelles gemaach, déi awer all relativ einfach geléist konnte ginn. Ech géif hei gär, op mäin ausféierleche schrëftleche Rapport verweisen.

Sou wéi de Label vum PSF jiddwerengem am Finanz- a Bankesektor bekannt ass, ass ze hoffen, dass den Term PSDC sech lokal an international wäert profiléieren a Lëtzebuerg als Standuert fir den Archivage an d'Dematerialisatioun bekannt maache wäert.

Et sief nach bemierkt - ech weess, Här President; ech kommen zu engem Schluss -, dass d'Uwennungsgebit vum Gesetz sech op d'Actes sous seing privé begrenzt, also d'Dokumenter aus dem Privatesektor. Dat hëlleft enger ganzer Rei vun Entrepreneuren aus dem Finanzsektor an aus der Realwirtschaft. Et concernéiert zurzäit nach net déi ëffentlech Dokumenter an och keng Notairesakten. Dat war jo ursprénglech d'Intentioun vum Ministère, ass awer du fale gelooss ginn. Mä ech mengen,

dat ass awer eppes, wat schnell sollt op de Leescht geholl ginn, an dee Wunsch ass och geäussert ginn an der Kommissioun.

Voilà, dat gesot, sinn ech hei derduerch. Ech géif gär, e grouss Merci soen un de Raymond Faber aus dem Wirtschaftsministère, de Papp vun dësem Projet de loi, oder op d'mannst een, dee sech ganz vill domat befaasst huet. Ech géif och gare Merci soen dem Timon Oesch, eise Sekretär an der Wirtschaftskommissioun, an de Collaborateuren vun eise Pool bei der LSAP. An ech géif natierlech den Accord gi vu menger Fraktioun heizou.

Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci dem Här Fayot, deenen, mengen ech, guer net esou vill am Minus war, vu dass e fir d'Fraktioun mat geschwat huet. Merci fir d'Versteesdemech vun der Chamber. An d'Wuert huet direkt d'Madame Diane ADEHM fir d'CSV. Madame ADEHM.

#### Discussion générale

► **Mme Diane ADEHM (CSV).** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, haut stëmme mer d'Gesetz iwwert den Archivage électronique. Dëst Gesetz gëtt zënter Laangem vun der Finanzbranche an dem ICT-Sektor hei zu Lëtzebuerg erwaart. D'Gesetz steet fir d'Weiterentwicklung vun den elektronesch Servicer.

Wirtschaftspolitesch gesinn ass fir Lëtzebuerg eng digital Agenda geschaf ginn. Et hu sech schonn eng sëllege kleng a grouss international ICT-Akteuren hei zu Lëtzebuerg niddergelooss. Donieft besteet hei am Land eng vun deene modernsten Infrastrukturen iwwerhaapt. Ech denken do zum Beispill un d'Glasfasern, déi uechtert d'Land geluecht ginn, oder och un eis modern Datenzentren, déi mir hei am Land hunn.

Lëtzebuerg wëllt seng Plaz a seng Kompetenzen als internationalen Hub vun Datespäicheren ausbauen an den Archivage électronique ass doranner e ganz wichtege Bestandteil.

#### (Mme Simone Beissel prend la présidence.)

Lëtzebuerg wëllt an Zukunft och en Exzellenzcenter gi fir d'Protektioun an haaptsächlech de Stockage vun Donnéeën. Eis Datenzentren si schonn op engem immens héijen Niveau. Wa mir eis awer weider wëllen an dësem Beräich profiléieren, musse mir och en Dateschutzgesetz hunn, dat hieb- a stichfest ass. Mir brauche Rechtssécherheet.

Mat enger kohärenter EU-Regelung an deem Beräich ass am Sektor vum Stockage vun Donnéeën sécherlech nach vill Potenzial dran, an domadder och am Beräich vum Archivage électronique. D'Gesetz iwwert den Archivage électronique ass also eng logesch Suite vun de Bestriewungen vun der fréierer CSV/LSAP-Regierung, fir den ICT-Sektor hei zu Lëtzebuerg konsequent auszubauen an domadder eis Wirtschaft ze diversifizéieren.

Ëm wat geet et am Gesetz iwwert den Archivage électronique? Ech wëll elo kee Rapport bis maachen, well de Rapporteur, de Franz Fayot, huet en exzellente schrëftlechen a mündlechen Rapport gemaach. An ech wëll him dofir och Merci soen.

Ech wëll awer just e puer Punkten erausgräifen, déi fir d'CSV wichteg sinn. Dat proposéiert Gesetz beinhalt eng sougenannten „présomption de conformité“ tëschent der Kopie an dem Original. Dat heescht, d'Kopie gëtt dem Original als ebenbürtig ugesinn. Dëst ass, ënner anerem, och méiglech dank der Signature électronique a LuxTrust. D'Gesetz vum 14. August 2000 iwwert den elektronesch Handel gesäit vir, dass d'Signature électronique dëselwecht Valeur juridique kann hu wéi eng Ënnerschrëft vun Hand. Des Weidere gouf 2005 LuxTrust SA geschafen. Dës elektronesch Zertifikatioun gëtt haaptsächlech am Bankeberäich benotzt.

Fir digital Kopie mat der nämlecher Beweiskraaft wéi e materiell Original ze schafen, gëtt et Konditiounen ze erfüllen, fir zertifizéiert ze sinn. Dës sinn an engem techneschen Règlement grand-ducal detailléiert. All Entreprise kann natierlech och ouni Zertifizéierung selwer digital Kopien ufäerdigen, allerdéngs hunn dës Kopien dann net dëselwechte Stellenwert wéi d'Original.

D'Zertifizéierung geschitt duerch de staatlechen ILNAS a gëtt och do vun akkreditéierten Zertifikateuren virgeholl.

Wat geschitt dann, wann een zertifizéierten Déngschtleeschter a Faillite geet? Hei wëllt ech drop hiweisen, dass ënnert dem fréieren Justizminister François Biltgen den Artikel 567 vum Code de commerce ugepasst gouf. Hei gong et drëm, fir ze klären, wie Besëtzer ass vu Biens immatériels am Kader vun enger Faillite. An dës Upassung gouf deemools am Kontext vum Cloud computing gemaach.





Wat geschitt, wann engem zertifizierten Déngschtleeschter d'Zertifikatioun entzu gëtt? Déi zertifizéiert Dokumenter behalen hir Gültigkeet a profitéieren och weiderhi vun hirer Présomption de conformité. Dat heescht, si stinn op enger Héicht mat engem schrëftlechen Original. De Propriétaire huet d'Recht, seng digital Kopie zréckzefuerderen oder un e Prestataire vu senger Wiel transferéieren ze loosson. Och heirobber besteet eng gesetzlech Garantie.

Des Weideren ass d'Gesetz technologieneutral. Et gëtt keng detailléiert technesch Spezifikatiounen definéiert, well sech d'Technologien hautdesdaags immens séier wandelen. Et soll also vermidde ginn, dass d'Gesetz stänneg muss modifizéiert ginn.

Firwat ass en neit Gesetz um Gebitt vun der elektronischer Archivéierung iwwerhaupt noutwendeg? De gesetzleche Kader zum Thema Archivéierung vun Dokumenter ass komplett verëeelt. Den aktuelle Règlement grand-ducal iwwert d'Archivéierung ass aus dem Joer 1986 - dat si geschwënn 30 Joer -, an doranner gëtt ënner anerem nach vu Mikrofilmer geschwat.

Juristesche geet et ëm d'Konditiounen, déi mussen erfëllt sinn, fir dass eng digital Kopie déiselwecht Beweiskraaft huet wéi e materiell Original. Den aktuelle Kader féiert zu grousser juristescher Unsécherheet, well eng Kopie ass dem Original net gläichgestallt, mä d'Kopie steet an der Hierarchie ënnert dem Original.

Wéi eng Secteure profitéieren vun dem neie Gesetz iwwert den Archive électronique? Bestehend Akteuren, déi vun deem Gesetz profitéieren, sinn emol haaptsächlech d'Prestataires de support fir d'Akteure vun der Finanzplaz. Eng wichteg Roll spillt hei d'Verlagerung vu villen Aktivitéiten, ewech vun de grousser Firmen, hi bei kleng spezialiséiert a méi effizient Unitéiten. Dëst ass eng Bewegung, déi een an de leschte Joren op der ganzer Finanzplaz gesinn huet, a fir d'Archivéierung besteet duerfir sécherlech eng grouss Nofro.

Och d'Datenzentre profitéieren vun deem Gesetz. Lëtzebuerg huet héichmodern a sécher Datenzentren, déi sech manner no de groussen a bëllege Massespäicheren ausrichten a méi no deenen Akteuren, déi dee beschten a sécherste Späicher sichen, wéi zum Beispill d'Banken oder Assurancen, déi ganz sensibel Donnéeën hunn. Zesumme mam Cloud computing ergi sech eng ganz Rei nei Méiglechkeeten, fir zu all Moment a vun iwwerall op seng digital Kopien zréckzegräifen, mat där nämlecher Valeur juridique wéi e schrëftlecht Original.

Ënner anerem dowéinst ass et noutwendeg, dass Lëtzebuerg als „first mover“ desen Dossier op europäeschem an internationalem Plang weiderdreift. Falls sech déi Lëtzebuergesch Standarden duerchsetzen, kéint een op eng laang Erfahrung an e grousser Standuertvirdeel zréckblécken.

Zukünfteg Akteuren, déi vum Gesetz profitéieren, gëtt et och. Do gëtt et zum Beispill déi grouss international Betriber. Den Archive électronique kann eng wichteg Roll spillen, fir multinational Entrepreneuren unzuelackelen, fir dass si hei een Haaptfirmesetz opmaachen. De Grond ass, dass den Archive électronique immens Plaz spuert; en ass méi accessibel a méi effizient.

Et dierf ee sech awer elo net erwaarden, dass vun engem Dag op deen aneren international Betriber hir ganz Archiver op Lëtzebuerg digitaliséiere kommen. D'Dematerialiséierung an d'Konservéierung vun digitale Kopien ass schliisslech och mat ville Käschte verbonnen. Wat awer denkbar ass, ass, dass d'Betriber e Firmesetz hei opmaachen, fir hir zukünfteg Archiver hei ze installéieren. Doduerch ginn Infrastrukture gebraucht, Personal gëtt agestellt, reell Betriebswirtschaftsaarbecht gëtt gemaach an et gi selbstverständlech och Steieren drop bezuelt.

Fir de sougenannten „trust“ aus dem angelsächschesche Recht oder fir déi zukünfteg Lëtzebuerg Foundation patrimoniale kann den Archive électronique och e wichtige Bestandteil sinn. D'Ufuerderungen un déi elektronesch Konservéierung vu Kontrakter a vun allen aneren Dokumenter sinn héich. Dowéinst sinn d'Kritäre vun enger Zertifikatioun och deementsprechend ganz héich. Déi streng Konditiounen a strikt Iwwerwaachung sollen dat néidegt Vertraue schafen. Dat betrëfft d'Finanzplaz souwuel wéi den ICT-Secteur a besonnesch de Lëtzebuergeschen Datenhub.

Fir déi Begënschtegt vun engem Trust gëtt et des Weidere ganz nei Méiglechkeeten duerch d'Digitaliséierung. Et gi Weeër geschafen, fir zu all Moment op hir Donnéeën kënne zréckzegräifen an zum Beispill en Historique ze schafen, deen d'Gestioun vereinfacht, oder och duerch eng integréiert Sichmaschinn.

Lëtzebuerg huet also an deem Secteur en Virreiderroll iwwerholl. Et gëtt nach kee bannend EU-Recht zu deem Thema an och

keen EU-Land, wat eng vergläichbar Regelung hätt. Lëtzebuerg ass avantgardistesche an et ass net zu gudder Lescht dem Finanzsecteur ze verdanken, deen dese Projet iwwregens staark begréisst, dass hautdesdaags scho vill Entrepreneuren Entmaterialiséierungs- a Konservéierungsservicer ubidden.

Dëst geschitt dann zukünfteg och mat dem laang gewënschte gesetzleche Kader. Lëtzebuerg ass an deem Beräich also duerchaus an der Lag, Standarden an Normen ze setzen. Duerch d'Gesetz entstinn och ganz kloer Standuertvirdeeler, well déi elektronesch Archivéierung kann zu groussen Erspuernesser bei de Käschte féieren. Esou eng Virreiderroll huet natierlech och gewësse Konsequenzen: Esou ass nach net gewost, wat d'Valeur vun esou enger digitaler Kopie am Ausland viru Geriicht ass. Et ass ze hoffen, dass d'EU och op de Wee vun der elektronischer Archivéierung nom Modell Lëtzebuerg geet an esou fir eng eenheetlech a kohärent Situatioun tëschent de Memberlänner suergt. Lëtzebuerg als „first mover“ soll dowéinst eng aktiv Roll spille bei der Promotioun vu senger Virdeeler an insgesamt vun der Virdeeler vum Archive électronique.

Lëtzebuerg ass innovativ a Lëtzebuerg soll seng Innovatiounen promouvieren. An deem Sënn soen ech lech Merci fir d'Nolauschteren a ginn ofschléissend den Accord vun der CSV-Fraktioun.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **Mme Simone Beissel**, *Présidente de séance*.- Merci, Madame Aehm. Als nächst Riednerin ass ageschriwwen d'Madame Joëlle Elvinger vun der DP. Madame Elvinger, Dir hutt d'Wuert.

► **Mme Joëlle Elvinger** (DP).- Merci. Madame Presidentin, léif Kolleeginnen a Kolleegen, wann een un Archiver denkt, denkt een oft un e Keller oder un e Späicher mat meterlaange Regaler, wou vill al Dokumenter oder Classeure mat enger zentimeterdecker Couche Stëbs drastinn. D'Zukunft gesäit awer anescht aus!

Wëllt een hautzudaags en Dokument fir d'Éiwegkeet opbewahren, huet ee besser, et archivéiert een et digital. D'Archiver vun der Zukunft leien definitiv an den Datenzentren. Do fënnt ee kee Stëbs, an héichmodern Sécherheetsmesurë suergen derfir, dass weder Waasser nach Feier d'Servere beschiedege kënnen. Als klengt Land huet Lëtzebuerg schonn iwwer 20 Datenzentren, déi den héchsten Normen entsprechen. D'Weiche sinn also gestallt, fir dass an deenen Zentren och elektronesch Donnéeën gespäichert an archivéiert kënnen ginn.

Vu dass vill multinational Firmen an Zukunft am léifsten hir elektronesch Archiver op enger zentraler Stell opbauen, ass elo dee richteg Moment, dëst Gesetz ze stëmmen. Mat him kréie mir en ideale legislative Kader, fir zu Lëtzebuerg a Saachen Archive électronique en neie Marché ze schafen. Iwwer 400.000 Leit benotzen elo schonn déi elektronesch Ënnerschrëft vu LuxTrust.

Nodeems mir dat éischt europäescht Land waren, wou esou eng elektronesch Ënnerschrëft déi nämlecht juristesche Valeur hat wéi eng Manuskriptënnerschrëft, wëlle mir weiderhin am Domän vun den elektronischen Déngschtleeschungen „first mover“ sinn. Bis elo huet nach kee Land sech esou en evoluéierte legale Kader ginn, wat den elektronischen Archive ugeet. Och d'Europäesch Kommissioun huet nach net zu deem Sujet légiféréiert.

Dat biergt natierlech Risiken a sech, wann een den Éischen ass. Et gëtt nämlech keng Referenzwäerter an Erfahrungen, déi ee ka berücksichtigen. Mä wien näischt wot, dee gewënnt och näischt! A Lëtzebuerg huet schonn oft a villen Domäne bewisen, dass mir eis trauen a Virreider wëlle sinn. Am elektronischen Archive soll dat net anescht sinn.

Duerch d'Stëmmen vun deem Gesetzesprojet maache mir e weidere Schrëtt an déi richteg Richtung. D'Zil ass et, de legale Kader, wat den Archive an d'Dematerialisatioun vun Dokumenter ugeet, deen ëmmerhin op e Règlement vun 1986 zréckgeet, ze moderniséieren an un eis heiteg Zäit unzepassen.

Dofir gëtt ënner anerem eng nei Aktivitéit definéiert, nämlech déi vum PSDC, dat heescht dem Prestataire de services de dématérialisation ou de conservation.

Ech wäert hei elo net nach eng Kéier op all eenzel Detailler vum Projet agoen, dat huet de Rapporteur Franz Fayot schonn a sengem gudden mëndleche souwéi och schrëftleche Rapport ganz gutt gemaach. An ech soen him hei och Merci fir dee gudden Rapport.

Wat fir mech wichteg ass, ass, dass dëst Gesetz den elektronischen Dokumenter déiselwecht Valeur juridique wäert gi wéi den Dokumenter a Pabeiversionen. Dëst ass eng Demande vu

vile Firmen. Si wäerten esou an Zukunft considéabel Plaz spueren kënnen, well se kee voluminéis Pabeierarchiv méi mussen uleeën. A wann een de Meter-carrés-Präis vu Büroflächen zu Lëtzebuerg kennt, da kann ee sech ausrechnen, wat dëst Gesetz fir eis Entrepreneuren u Käschtenaspuerunge mat sech bréngen kann.

Dese Gesetzesprojet definéiert och d'Normen, déi sécherstelle wäerten, dass déi elektronesch Dokumenter fiabel sinn an och an der Zäit dauerhaft bestoe kënnen. D'Zertifikatioun vun den Déngschtleeschter als PSDC verspricht des Fiabilitéit. Wann et ëm sensibel Dokumenter geet wéi Paiziedelen, Bilanen, Konten a Statuten, ass et fir eng Firma elementar, dass, wa si des Dokumenter just nach elektronesch verwalt, des och vun héchster Qualitéit sinn an och net verluer kënnen goen.

Dofir ass et wichteg, dass dese Règlement grand-ducal d'Kritäre wäert definéieren, wéi en Déngschtleeschter Dokumenter archivéieren an dematerialiséiere muss, fir dierfen zertifizéiert ze ginn. Heibäi gëtt sech och op d'international Norme beruff, déi deene modernste Standarden entsprechen. Esou eng Zertifizéierung verspricht dem Client Sécherheet, an dat ass an deem Domän och den A an den O.

Et wäerten also an Zukunft dräi Akteuren op deem Marché operéieren: déi, déi net zertifizéiert sinn; déi, déi als PSDC zertifizéiert sinn, an déi, déi zousätzlech och vun der CSSF en Agrément kruten, fir och am Finanzsecteur des Servicer dierfen unzebidden. Als renomméiert Banken- a Finanzplaz ass dëst natierlech eng bedeiend Beräicherung fir d'Konkurrenz-fäegkeet vun eisem Land.

Madame Presidentin, zum Schluss wëll ech soen, dass d'DP am elektronischen Archive nach ëmmer e grousser ekonomescht Potenzial fir eist Land gesinn huet. Eng modern a pragmatisch Legislatioun fir den elektronischen Archive vun Dokumenter ass e grouss Virdeel fir de Standuert Lëtzebuerg. Dofir si mir frou, dass dëst Gesetz haut hei ka gestëmmt ginn.

Ech mengen och, dass et déi richteg Léisung war, dese Gesetzesprojet net an der éischter Phas ze amendéieren an op de Beräich vun den Documents administratifs oder den Documents authentiques auszeweiden. Dat heescht awer net, dass dat net soll gescheien. Ganz am Géigendeell! Mä wa mir dëst an dat Gesetz hei agebaut hätten, hätte mir d'Gesetz considéabel verzögert a mir hätte riskéiert, de Virdeel vum „first mover“ an deem Beräich ze verléieren.

Dofir hoffen ech awer, dass, wéi ugekënnegt, dese Kader elo schnellstméiglech op offiziell Dokumenter vum Stat, vun de Gemengen a vun den Notaire kann ausgeweit ginn. Dëst wier e wichtige Schratt am Kader vum eGovernment, dee mer ustriewen. Mir brauchen nämlech net nëmmen eng kompetitiv Economie, mä och e kompetitive Stat. An do féiert kee Wee laanscht eng Digitaliséierung vun den administrative Prozeduren.

Elo scho kann een déi elektronesch Ënnerschrëft op ville Plazen notzen: Seng Steuererklärung kann een online ausfüllen an d'TVA-Erklärung muss säit e puer Joer obligatoresch online agereecht ginn.

Ech wëilt, dass an Zukunft all d'Demanden un de Stat online eragereecht kéinte ginn. Mam guichet.lu hu mir elo schonn eng performant Plattform, déi dëst an Zukunft kann erméiglechen. Dëst ass net nëmmen e Service um Bierger an un den Entrepreneuren, mä et mécht eise Statsapparat méi transparent an d'administrativ Prozeduren doduerch méi séier an och méi performant.

Ech sinn och der Meinung, dass parallel zur Aféierung vun deem Gesetz d'Recherche an deem Beräich muss gepuscht ginn. Et ass nëmme logesch, dass an engem Land, dat am Beräich ICT als Virreider optriede wëllt, d'Projeten op eiser Uni, sief dat am Beräich Datasécherheet, elektronesch Ënnerschrëften, Internetplattformen oder ebe grad dem elektronischen Archive, d'Zil solle verfolge, zesumme mat den Akteuren, déi hei zu Lëtzebuerg an deem Beräich tätég sinn, neit Wëssen an nei Prozeduren an d'Liewen ze bréngen.

Dëst gesot, ginn ech heibäi och den Accord vun der DP-Fraktioun zu deem Gesetz an ech soe Merci fir d'Nolauschteren.

► **Mme Simone Beissel**, *Présidente de séance*.- Merci, Madame Elvinger. Als nächste Riedner ass ageschriwwen: den Här Gérard Anzia vun déi gréng.

► **M. Gérard Anzia** (déi gréng).- Madame Presidentin, Dir Dammen an Dir Hären, haut hu mer de Projet de loi zum Archive électronique um Ordre du jour. Ech géif och dem Franz Fayot Merci soe fir säin ausféierleche Rapport, deen e gemaach huet, mëndlech a schrëftlech, an ech wëilt och net op d'Technicitéit agoen, déi an deem schrëftleche Rapport nozeliesen ass.

A mengem Handy wéi an Ärem och, do dréien dräi, véier Prozessere mat enger Vitesse, déi zéngmol esou héich ass wéi bei deenen, déi 1986 a Betrib waren. Ech erënnere mech nach drun op der Uni: Dat war eng exotesch Saach, dass do sollt e PC sinn. Ech selwer hat iergendwéi esou e Commodore, eng Maschinn mat enger Kassett als Späicher.

(Hilarité)

Also vu Vitesse a Späichercapacitéit war do net ze schwätzen.

► **Une voix.**- Hutt Der en nach?

► **M. Gérard Anzia** (déi gréng).- Oh, ech hunn en nach um Späicher. Dat ass, wann een e grouss Haus huet, dann huet een och nach e Späicher.

Et ass also guer net verwonnerlech, dass mer elo mussen no bal 60, pardon, no bal 30 Joer - elo kommen ech awer bal aus dem Konzept - de gesetzleche Kader a puncto Digitaliséierung hei nei op de Leescht huelen. Déi rasant informatesch Fortschreitter, déi erlaben et haut, dass ëmmer méi Alldagsprozeduren, sief et am privaten, öffentlichen oder kommerzielle Raum, elektronesch gehandhabt ginn.

Am Privaten - elo grad ass et scho gesot gi vu menger Virriednerin -: Steiererklärung, online banking kennt jiddwereen. Ech erënnere mech nach drun, '86 huet een e Virement vun Hand ausgefüllt an dann an eng Bréifkëscht geworf. An dann ass en exekutiert ginn an et hat een hoffentlech och lieserlech geschriwwen, soss war de Montant respektiv d'Adress falsch.

Eng kleng Klamer op: Ganz op de Pabeier verzichte mer och elo nach net. Wa mer erëm eng Kéier eis Extraiten zréckkréie vun der Bank, da si mer awer deemno wéi gebieden, wa mer eng Rechnung vum Dokter hunn, déi net direkt beglach ginn ass, fir awer e Stéck Pabeier do drunzehänken. Och dorun, mengen ech, kéint een an dierft een a misst een eng Kéier schafffen.

Op enger Gemeng ass et normal, dass online reservéiert gëtt. De Guichet virtuel dréckt eis Formulären aus. Iwwer LuxTrust-Zougang hu mer eng elektronesch Ënnerschrëft, déi garantéiert, dass och den Auteur vun der Demande deen ass, dee berechtigt ass, fir zu deenen Dokumenter ze kommen.

Am Schoulwiesen huet et sech längstens duerchgesat, dass ee Coursen online fënnt, dass een och e Portal huet, wou een un all d'Dokumentatiounen a Formations continues drükënt.

No ville Konferenzen, déi ech besichen, fannen ech duerno ee Link an Download, wou ech un sech an elektronischer Form dat, wat mir viru geziel ginn ass, doheem nach eng Kéier nokucke kann.

Och d'Entreprisë klammen ëmmer méi op den elektronischen Archive ëm, deen eng Rei Virdeeler huet vis-à-vis vum Pabeier - et ass scho gesot ginn -: de Raumgewinn, de besseeren Zougrieff, virun allem déi méi einfach Recherche, wou et ebe méiglech ass, an deenen Dokumenter zäitpuerend Recherchen ze maachen, käschtegeschteg an et kann och ëmweltschounend sinn. „Dat kann och ëmweltschounend sinn“ bedeit awer och, deemno wéi déi Ofspäicherung ass, dass dat ebe vun den Datenzentren ofhänkt, ob déi deementsprechend esou opgestallt sinn.

Mir sollen eis do net alles virmaachen: „Ganz ouni Pabeier“ bedeit awer net „ganz ouni Energieasaz“. Den aktuelle Kader geet op d'Joer 1986 zréck - ech hat elo grad eng kuerz Ausféierung gemaach, wat fir informatesch Entwécklungen do geschitt sinn -, an deen ass hoffnungslos antiquéiert. En zentrale Problem, deen hei elo behuewe gëtt, ass d'Unerkennung vun den digitalen Dokumenter op juristeschem Plang. An duerfir ass et fir déi gréng eben och esou wichteg - op deser Plaz wëll ech dat nach eng Kéier soen -, dass mer deem ebe mat deem Projet de loi en Enn setzen.

Wourëm geet et? Mam Projet de loi zum Archive électronique schafe mer also e klore, moderne Kader, wat d'Digitaliséierung an den Archive vun digitalen Dokumenter ugeet. Doriwwer eraus erschafe mer och en neie Statut fir d'Déngschtleeschter an deem Domän. Mir erfannen d'Rad net nei; dat ass och elo scho gang und gäbe. Ech maachen eng Klamer op: Jiddwereen kennt de Registre de Commerce et des Sociétés, wou een ëmmer erëm Dokumenter ka siche goen, wann een zu enger Entreprise Informatiounen brauch. Et geet awer hei drëm - domat ass d'Klamer zou -, dass mer a qualitativer Hisiicht u sech eng Verbesserung aféieren.





Eis Virreiderroll a puncto Commerce électronique zu Lëtzebuerg, den Dateschutz mat der Signature électronique, d'Entwécklung vun eise IT-Standuert, eis Bankeplaz mat hirem Finanzknow-how: Alles dat predestinéiert eis am Fong, fir och am Beräich vum Archiving électronique eng Virreiderroll an Europa ze spille mat deem entspreichende gesetzleche Kader, dee mer haut hoffentlech a sécherlech wäerte stëmmen. Do si mer um gudden Wee.

An Europa gëtt et nämlech, souwäit ech dat weess, nach néierens esou en allgemenge gesetzleche Kader, deen dëst Thema betrëfft. Mir schafen dës Kader net nëmme just fir d'Firmen, déi hei schonn am Land sinn, mir schafen och en attraktive Standuert hei zu Lëtzebuerg a mir bréngen och aner Firmen heihinner, mat dësem Projet de loi. Am Sënn an an der Iddi vun der Diversifizéierung vun eiser Ekonomik ass dës Projet de loi also ee wichteg Bau-steen.

Sou fënnt dësen och déi breet Zoustëmmung vun der Chambre de Commerce an der Chambre des Métiers. Déi schwätze vun engem Projet novateur et prometteur. Konkret - et ass schonn alles virdu gesot ginn; ech maachen et ganz kuerz -: Et ass d'Unerkennung vum juristesche Wäert vun engem digitalen Dokument, d'Assurée vun engem héije Qualitéitsniveau a puncto Sécherheet an No-haltegkeet, an d'Organisatioun vun den Déngschtleschter an dësem Secteur.

An der Praxis soll dat dann esou fonctionnéieren, dass d'Uwäerter op de Statut vun engem Déngschtleschter, dem PSDC, sech no bestëmmte festgeluechten technesche Kritäre mussen zertifizéieren loossen. Mat dësem Statut komme se dann op d'Lëscht vum ILNAS an dann däre se sech eben och PSDC nennen. D'Digitaliséierung an den Archiving mussen no bestëmmte Regele fonctionnéieren, déi eben och am Règlement grand-ducal fixéiert sinn.

Dës Statut soll héchsten internationale Standards entsprechen, stellt awer keng Berufserlaabnis duer, mä soll e Garant si fir Qualitéit a fir juristesche Unerkennung vun deenen Dokumenter. Zentralen Uwennungsberäich ass dann och dee vun der Ekonomik, virun allem och dem Finanzsektor, wat eben dann do déi verschidden Dokumenter ugeet.

Hei geet et elo net ëm den Archiving électronique vun den Administratiounen, sief et d'Gemengen, sief et de Stat, woubäi dat och e ganz wichtige Sujet ass, deen ee sécherlech spéiderhin eng Kéier sollt op de Leescht huelen.

Fazit: déi gréng erkennen d'Noutwendegkeet an d'Virdeeler vun engem elektronischen Archiving ganz kloer un. Déi leien op der Hand: schnellen Zougrëff, Recherche, Bearbechtung vun iwwerall. Mir mussen awer och oppassen: Déi Virdeeler mussen Hand an Hand goe mat dem Dateschutz. Mir mussen assuréeieren, dass nëmmen déi berechtigt Leit Zougrëff huelen op deen Archiving an et muss een och derfir suergen, dass den Archiving nohalteg geschitt mat deem klengstméiglechen Energieopwand.

D'Stéchwuert hei ass natierlech „green IT“. An dëser Fro, mengen ech, do si mer um richtege Wee, soudass mer och zu Lëtzebuerg hei wäerten eng Virreiderroll an Europa iwwerhuelen. Ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren a ginn lech hei d'Zoustëmmung vun der grénger Fraktioun zu dësem Projet de loi.

Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **Mme Simone Beissel**, *Présidente de séance.* - Merci, Här Anzia. Sauf erreur hunn ech soss keen Deputéierte méi op der Riednerlëscht ageschriwwen. Ech hunn dann elo d'Éier an de Pleséier, fir der Regierung d'Wuert ze ginn. Den Här Wirtschaftsminister Étienne Schneider. Här Minister, Dir hutt d'Wuert.

### Prise de position du Gouvernement

► **M. Etienne Schneider**, *Ministre de l'Économie.* - Merci. Madame Presidentin, Dir Dammen an Dir Hären, ech muss lech als Wirtschaftsminister soen, dass dat heiten e ganz wichtige Projet ass. Och wann dat en héich techneschen, en héich komplexe Projet ass, sou ass et awer en extrem wichtige Projet fir d'Kompetitivitéit vun eisem Land. Déi al Legislatioun, an de Rapporteur ass drop agaan, datéiert vun 1986, ass also méi wéi 25 Joer al an entsprécht sécherlech net méi der technescher Realitéit um Terrain.

Dës Projet schreift sech och an eis Strategie „Digital Lëtzebuerg“ an, andeem mer probéieren, Lëtzebuerg als digitale Standuert no vir ze bréngen. Dës Projet concernéiert awer och nëmmen ongeféier 3 bis 5% vun den Doku-

menter, déi also eng Valeur légale hunn. All aner Dokumenter kënnen iwwregens och haut schonn dematerialiséiert an duerno zerstéiert ginn. Viséiert sinn an deem Projet hei all Actes sous seing privé laut dem Artikel 1334 vum Code civil oder och laut dem Artikel 16 vum Code de commerce. Dat sinn Documents comptables, documents d'inventaires, etc.

Den Artikel 1334 vum Code civil huet also mis-sen ëmgeännert ginn, well deen eigentlech, fir et einfach auszudrécken, gesot huet, dass ëmmer d'Original méi wäert ass wéi d'Kopie. Dat huet also misse geännert ginn. An dat huet speziell misse dowéinst geännert ginn, well ganz oft déi Actes sous seing privé net nëm-men an enger Versioun ënnerschrifft gi sinn, also an engem Original, mä an esou vill Originalen, wéi et Parteie gi sinn. Dat féiert natierlech derzou, dass kee bereet ass, seng Kopie oder säin Original ze zerstéieren an elektro-nesch ze archivéieren, wann e weess, dass deen aneren eventuell nach d'Original huet an dass dat méi wäert ass wéi déi digital Kopie. Dofir huet dat misse geännert ginn.

Fir awer sécherstellen, dass déi Dematerialiséierung an och d'Konservéierung vun deenen Dokumenter seriö a fiabel ass, hu mer, wéi et och gesot ginn ass vun de Virriedner, dee Statut vum PSDC agefouert, dem Prestataire de services de dématérialisation ou de conserva-tion. Dee PSDC gëtt zertifizéiert vum ILNAS respektiv e kritt e PSF-Statut, wann en aktiv ass am Sektur financier. Dofir sinn zwee nei PSF-Statutte gegrenzt ginn.

Ech wëll hei als Konklusioun soen a vläicht fir d'Éischt emol nach eng Kéier drun erënneren, dass, no deene leschten internationalen Auditen, déi gemaach gi sinn iwwert d'Kompetitivitéit vun deene verschiddene Länner op der Welt, Lëtzebuerg elo nach eng Kéier e grouse Schrëtt no vir gemaach huet. Mir sinn entre-temps an der Europäescher Unioun dat kompetitiv Land schlechthin. A mir sinn op der Welt d'Nummer sechs, wat eis Kompetitivitéit ugeet. An ech kann lech versécheren: Mat deem Archiving électronique, dee mer hei aféieren, maache mer nach ee grouse Schrëtt no vir, wat eis Kompetitivitéit wäert ugoen.

Ech wëll och drun erënneren, wat och virdu gesot ginn ass: Mir hu jo elo net nëmmen den Archiving électronique als dat éischt Land an der Europäescher Unioun esou geregelt, mä mir hunn och schonn zënter enger Rei Jore LuxTrust, wou mer eng unique Signature élec-tronique agefouert hunn. Den Advantage, dee mir mat der Signature électronique hu vis-à-vis vun anere Länner, ass einfach deen, dass mir ee System fir d'ganz Land hunn, woubäi an anere Länner x verschidde Systemer geschaaft gi sinn, wat natierlech net ideal ass.

Also mengen ech, dass dat, wat mer haut oder wat Dir haut stëmmt, ee wichtegt Argument och gëtt fir Headquarteren. Dir wësst, dass d'Strategie vun der Regierung ënner anerem och déi ass, fir international Headquarteren zu Lëtzebuerg unzesidelen. An dat heite gëtt fir déi natierlech ee wichtegt Argument méi, fir op Lëtzebuerg ze kommen, fir Headquarteren op Lëtzebuerg ze bréngen.

Mir ginn also duerch dat heite Gesetz nach e Schrëtt méi kompetitiv. De Standuert Lëtze-buerg gëtt nach méi attraktiv. A wat nach der-bäi kënnt: Mir schafen am duebele Sënn nei Aarbechtsplazen, op där enger Säit duerch déi nei Entreprises, déi duerch dat heite Gesetz motivéiert ginn, op Lëtzebuerg ze kommen, an op där anerer Säit, well mer jo deen neie Beruff vum Prestataire grënnen, wat natierlech och eng ganz Rei Aarbechtsplaze wäert zu Lëtze-buerg schafen.

Dofir lech e ganz grouse Merci, dass Der dee Projet de loi hei ënnerstëtzt. An enger nächster Etapp, wëll ech just soen, dass mer drun den-ken an dru schaffen, fir och an Zukunft dat-selwecht ze maachen, wat d'Actes authen-tiques ugeet an d'Actes administratifs. Dat ass da fir eng zweet Phas ugeduecht.

Ech soen lech villmools Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **Mme Simone Beissel**, *Présidente de séance.* - Merci, Här Minister. Domat ass d'Dis-kussioun ofgeschloss a mir kënnen dann zu der Ofstëmmung.

### Vote sur l'ensemble du projet de loi 6543 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmung geet lass. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. De Quorum ass erreecht. Da Vote par procuration. D'Ofstëmmung ass fäerdeg. D'Resultat, wann ech richtig liesen: Unanimitéit am ganze Sall fir dee Projet.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen (par Mme Nancy Arendt), Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen (par Mme Diane

Adehm), M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert (par M. Marcel Oberweis), MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes (par M. Lau- rent Mosar), Claude Wiseler, Michel Wolter (par M. Marc Spautz) et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel (par Mme Cécile Hemmen), Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo (par M. Ro- ger Negri), Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur (par M. André Bauler), M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer;

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Ro- berto Traversini;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding;

MM. Serge Urbany et David Wagner.

Villmools merci lech alleguerten.

Ass d'Chamber d'accord, fir d'Dispens vum zweete Vote ze accordéieren?

### (Assentiment)

Merci da souwäit.

An da kéime mer zu dem nächste Projet de loi iwwert den...

### (Concertation interne)

Okay. Sou. Also, mir hunn hei nach eng Ques-tion urgente vun den Häre Max Hahn a Gusty Graas iwwert d'Logements de service.

### (Concertation interne)

Jo, da géif ech ee vun deenen Hären - oder wéi wëllt Der dat maachen? - hei eroprufen, fir se virzestellen.

### (Interruption)

Här Roth?

## 3. Question urgente n°1264 de M. Max Hahn et de M. Gusty Graas rela-tive aux logements de service

► **M. Gilles Roth** (CSV). - Dir sot „Logements de service“. Heescht dat d'Logements de ser-vice vun der Police?

► **Une voix.** - Jo.

► **Mme Simone Beissel**, *Présidente de séance.* - Jo, d'Logements de service vun der Po-lice.

► **M. Gilles Roth** (CSV). - Ech wëll drun erën-neren, dass dräi Deputéierten, d'Madame Arendt, d'Madame Adehm an ech selwer, och eng schrëftlech Question parlementaire zu deem Punkt gestallt hunn.

► **M. Claude Wiseler** (CSV). - Virun där hei-ter!

► **M. Gilles Roth** (CSV). - Virun där heiter.

► **Mme Simone Beissel**, *Présidente de séance.* - Wann ech richtig informéiert sinn, ass de Libellé vun Ärer Question parlementaire liicht anescht. An dofir géife mer dat hei och an dëser Form akzeptéieren. Här Graas, wann Der wëllt hei op d'Tribün kommen.

### (Interruption et concertation interne)

Bon, wann Der wëllt, mir kënnen och de Sys-tem ëmänneren, dann...

### (Négation)

Neen. Dir hutt se schrëftlech gestallt. Dir kënnt se awer exposéieren, soss géife mer se herno nom Projet de loi huelen. Mä stellt se elo emol vir.

► **M. Gusty Graas** (DP). - Merci, Madame Presidentin. Dir Dammen an Dir Hären, Här Mi-nister, effektiv de Kolleeg Max Hahn an ech hu gëschter eng Question parlementaire gestallt, nodeems eng Rei Bréiwer jo gëschter eraus-gaange sinn un eng Rei Beamten, virun allem um Niveau vun dem Polizeicorps, an doriwwer eraus awer och nach anere Corpsen, wou et iwwert d'Logementer geet, déi se bis elo konnte benotzen, a wou dann och Délaien dra festgehale goufen, vu wéini u misst e gewë-sene Loyer bezuelt ginn, dee Loyer, deen op Basis vun enger Rei vu Kritäre festgesat ginn ass.

An dowéinst hatten dann de Kolleeg Hahn an ech gëschter Owend, déi Question urgente ges-tallt, an där mer ebe wollten, wéi gesot, en-gersäits vum Minister vun der Sécurité inté-rieure respektiv och vum Finanzminister gewuer ginn, vu wéini u genee dat do appli-zierbar ass, wat fir eng Kritären do musse respektéiert gi respektiv virun allem och op Basis vu wat genee déi Loyere festgeluecht goufen,

well mer der Meinung sinn, dass et awer vläicht wichtig ass, an dësem Punkt trotzdeem, fir méi Klorheet ze weisen, well et jo awer vis-à-vis vun deene Leit, déi hei elo direkt beträff sinn, noutwendeg ass, dass een déi néideg Er-klärunge gëtt, well jo awer trotzdeem fir eng Rei Leit ee sech ka virstellen, dat elo relativ kuerzfristeg zu enger Rei zousätzlechen Aus-gabe géif féieren.

An dowéinst, wollt ech, zesumme mam Kolleeg Max Hahn elo Erklärunge kréien, well mer der Meinung sinn, dass et wichtig ass, zu dësem Zäitpunkt awer déi néideg Erklärungen ze kréien.

Ech soen lech Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **Mme Simone Beissel**, *Présidente de séance.* - Merci dem Här Graas, zesumme fir den Här Max Hahn. Da géif ech dem Här...

### (Interruption)

Den Här Roth wollt nach eng Fro stellen.

► **M. Gilles Roth** (CSV). - Jo. Dir hutt virdu gesot, dee Libellé, dee wier liicht aneschtens. Ech mengen, dee wier zimlech deeselwechten, just dass mir nach eng Rei vun zousätzleche Froe gestallt hunn: éischtens emol, ob de Mi-nister effektiv déi Informatioun konnt confir-méieren; zweetens, ob d'Locataire, an dësem Fall déi betreffen Agente vun der Police, infor-méiert gi sinn doriwwer, jiddwereen duerch en eenzelne Courier; an drëtzens, ob de Minister der Meinung ass, dass dat iwwerhaupt geet, e Loyer ze verzéngfachen, well jo, a mir hatten net méi spéit wéi den Dëschdeg en Débat d'actualité iwwert de Logement hei, an dass et do gutt kéint méiglech sinn, dass de Capital in-vesti, dat heescht déi 5%, déi als sougenannte „Mietbrems“ am Gesetz virgesinn ass, kéinten iwwerschratt ginn.

Well ech hu gëschter e Kontrakt gesinn oder eng Erhéijung vun der Gemeng Schengen. Do ass fir e Logement de service vun enger Enver-gure, mengen ech, vun 72 m<sup>2</sup> e Loyer vun iwwer 1.000 Euro gefrot ginn. Ech fannen, dass dat fir d'Gemeng Schengen e relativ héijen in-dividuelle Meter-carrés-Prais ass, d'autant plus, wou de Capital investi jo am Gesetz définéiert ass, wat een iwwerhaupt do kann eranhuelen. An ech ka mer net virstellen, dass de Stat jo Déngschtwunnenge baut, déi méi héich am Prais sinn, wéi dat op dem lokale Marché ass.

Des Weidere steet dann och nach an eiser Question parlementaire, op all deenen Im-meublen, déi da verlount ginn, respektiv deene Logementer, wat jo och am Gesetz virgesinn ass, dass een do misst en Energiepass hunn. An duerfir war dann och eis Fro, ob fir déi sämtlech Changement-de-servicen, déi dann elo op de Logement ginn a wou déi zoustänneg Polizei-agenten da musse bis zu dem Zéngfache vun hirem urspréngleche Loyer bezuelen, ob déi dann och mat engem Energiepass versi sinn.

Deen anere Problem schéngt eis doran ze be-stoen, ob d'Regierung net der Meinung ass, dass do eng ganz Rei vu Recours-judiciaire kéinte kommen, well déi Logements de service jo an enger gewëssener Bestëmmung gi sinn. A wann dann op eemol en Agent vun enger Mi-nutt op déi aner, vu dass et jo e Logement de service ass, e Loyer muss bezuelen, deen ëm dat Zéngfach méi héich ass, wéi deen, wat e bis elo bezuelt huet, ech mengen, dass do Ris-qué vu Recours-judiciaire respektiv Recourse bei den eenzelne Loyerskommissiounen net dierften ausbleiwen.

Sou, Madame Presidentin, ech hunn eis Froen eigentlech elo mat gestallt. Da kann de Mini-ster jo och dozou Stellung huelen.

Ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

► **Mme Simone Beissel**, *Présidente de séance.* - Jo, Här Roth, Merci. Ech géif elo Fol-gendes proposéieren: Dir hutt se elo gestallt. Si koun awer eréischt den 2. hei schrëftlech eran. Wann Der elo d'accord sidd, da froen ech den Här Minister, deen héchstwahrscheinlech..., oder vun deem ech net weess, ob e Kenntnis vun Ärer Fro huet, ech froen elo fir d'Éischt den Här Policeminister, ob en Är Fro kennt an ob e wëllt dorop äntworten. Ass dat esou, dann hätt ech gär Ären Accord, dass mer hei déi ganz Fro mëndlech vidéieren an dass Dir dee Moment op eng schrëftlech Äntwert verzicht. Dat ass d'Prozedur.

► **M. Gilles Roth** (CSV). - Also...

► **Mme Simone Beissel**, *Présidente de séance.* - Da wëll ech fir d'Éischt den Här Etienne Schneider froen, ob en d'accord ass, fir generell ze äntworten.

► **M. Etienne Schneider**, *Ministre de la Sécu-rité intérieure.* - Also, Madame Presidentin, fir d'Alleréischt muss ech den - déi Fro ass jo vum Här Hahn un den Här Gramegna an u mech geschéckt ginn, well mer...

► **Une voix.** - An dem Gusty!